

Evangelium vum 24. Sonndeg C

Lk 15, 1-10

KONTEXT

(Wien d'Evangelium a voller Längt wëlt gebrauchen, cf. hei + d'Evangelium vum 4. Faaschtesonndeg C, Lk 15, 1-3.11-32.)

Lk 15 besteet aus enger Rei vu Gläichnesser, déi no enger kuerzer, awer wichtiger Remarque iwwert d'Pharisäer an d'Schrëftgeléiert, uneneegereit si wéi d'Krelle vun enger Ketten (de Refrain vun de **Vv. 6.9.32**, resp. um Ufank vun de **Vv. 3.8**. an de **Vv. 7.10**. weist, datt mer hei erëm e Beispill hu vun der 'technique du mot-crochet' vun den ur-chrëschtliche Missionaren hunn – Gott mécht sech op d'Sich nom eenzelne Sënner). – Dat, wat verluer geet, gëtt ëmmer méi wäertvoll : e Schof, eng Sëlwermënz, e Jong (wou mer den Empfang vum Sënner, deen d'Kéier kritt gewise kréien). Nëmme dat iwwert d'Schof (**Vv. 3-7**) liese mer och nach beim Mt (Mt 18, 12-14, wou de Sënn awer anescht ass), de Rescht nëmme beim Lk. - E véiert Gläichnes (Lk 16, 1ff) kënnt hannendrun. D'Aféierung vu **Lk 15, 1-2** gëtt awer besonnesch fir déi dräi Eischt .

An den Evangelie liese mer vill Gläichnesser, déi de Jesus verzielt. Ma, et gëtt kee Gläichnes, dat ee vun den Apostele soll verzielt hunn ! – Et war also kloer fir déi éischt Chrëschten, datt « Gläichnesser-verzielen » eng Charakteristik war vum Jesus senger Verkënnegung. (Och aner juddesch Léiermeeschteren, griichesch a réimesch Schrëftsteller hu Gläichnesser gebraucht, awer keen an deem Mooss wéi de Rabbi vun Nazareth.) Et ass och ni vun iergend engem kontestéiert ginn, datt de Jesus d'Leit a Gläichnesser geléiert huet ; an anere Wieder : mat de Gläichnesser ass, historesch gesinn, d'Chance grouss ganz no bis un dem Jesus seng Verkënnegung erunzekommen.

TEXT

D'Steierandreiwer an d'Sënner sinn alleguer bei hien/de Jesus (am liturgeschen Text) komm, fir him nozelauschteren (V. 1) :

D'selwescht wéi schonn a Lk 5, 30 ; 7, 34 ginn **d'Steierandreiwer an d'Sënner** an engem Otemzuch genannt. Doduerch datt d'Steierandreiwer Collaborateure waren, also Kontakt hate mat onrénge Leit an onrénge Suen, waren si de facto « Sënner », also ausgeschloss aus dem reliësen, d.h. och automatesch aus dem zivile Liewen an der juddescher Gesellschaft. – De Lk insistéiert hei, datt allméiglech Zorte Sënner sech déplacéiert an sech getraut hunn, bei de Jesus **ze kommen**, an net nëmme e puer, mee, **alleguer** sinn se komm, net fir ze afen, mee, **fir him nozelauschteren**. – Mer spieren, datt de Lk hei wëlt « en Nol aklappen », fir et emol esou ze soen.

Dunn hunn d'Pharisäer an och d'Schrëftgeléiert gegrommelt a soten ... (Vv. 2-3) :

D'Schrëftgeléiert ware meeschtens **Pharisäer** (awer net all Pharisäer war och Schrëftgeléiert). – Schonn aus dem **V. 1** wësse mer, datt de Lk hei op eppes insistéiere wëlt, wat him ganz wichteg ass : datt de Jesus sech grad de Sënner, den

Ausgestoussenen hirer ugeholl huet. Doduerch léisst de Lk d'Pharisäer an d'Schrëftgeléiert dann och nach de Combel feststellen, nämlech, datt de Jesus **esouguer mat hinnen esst** (cf. Lk 5, 29f). – D'Fronte sinn opgestallt, an si kréien elo, wéi de **V. 3** eis seet, **dëst Gläichnes verzielt** (aus deem der da méi ginn, cf. Vv. **8.11** ; 16, 1).

« **Wie vun iech, deen 100 Schof huet an eent dervu verléiert ... (Vv. 4-7) :**

Den Hiirt a seng Schof ass fir d'Nolauschterer/Lieser deemools e wuel bekanntend Bild vu Gott an dem Vollek Israel (cf. z. B. Gen 48, 15 ; Hos 4, 16 ; 13, 4-6 ; Mi 2, 12f ; 4, 6f ; 7, 14 ; Jer 23, 1-4 ; 31, 10 ; 50, 19 ; Ez 34 ; jes 40, 11 ; 49, 9f ; ...). – D'Schof goufen effektiv och an der Wüüst gehitt ('an de Bierger' a Mt 18, 12). – D'Behuele vum Hiirt ass scho verwonnerlech : hien huet missten opkomme fir e Schof, dat hie verluer huet, oder dat gerass ginn ass – mee, muss hien net vill méi bezuelen, wann deenen 99 eppes geschéi géif ? – Den Opruff sech mat him ze freeën ass e Refrain vun dese Gläichnesser (cf. och Vv. 9.23f.32) a bereed dem Jesus seng Äntwert un d'Pharisäer an d'Schrëftgeléiert vir (**Vv. 7.10.32**). – **Am Himmel** = bei Gott. – Sinn déi **99 Gerecht** wierklech Gerechter, déi versichen hiirt Liewen no dem Herrgott sengem Wëllen auszeriichten, oder Leit, déi iwwerzeegt sinn, si wiere gerecht, ouni et awer wierklech ze sinn (cf. d'Vv. 1-2) ?

Oder, wat fir eng Fra, déi zéng Sëlworménzen huet an eng dervu verléiert ... (Vv. 8-10) :

Sëlwormänz = (griichesch) Drachme = (réimeschen) Denar = den Dagesloun vun engem Doléiner. D.h. de Verloscht fir d'Fra, déi der nëmmen 10 huet, ass relativ grouss. – Déi Kéier ass **d'Freed beim Herrgott sengen Engele** grouss, cf. Lk 9, 26 ; 12, 8), op déi Manéier gëtt Gott implizit genannt (id. wéi fir 'am Himmel') fir eben net brauche Gott ze nennen. – Wann d'Bild vu Gott als dem Hiirt vun Israel bekannt war, sou ass d'Bild vu Gott als eng Fra, déi **eng Luucht ufänkt, d'Haus kiert, a grëndlech sicht** friem an ongewinnt.

Iergendwéi awer passt de Refrain net ganz zu de Gläichnesser : den Hiirt, d'Fra maachen sech op d'Sich, an am Refrain gëtt gesot, **d'Freed** iwwert **ee Sënner**, deen ëmdenkt wier méi grouss, wéi iwwert déi vill Gerecht, déi (op d'mannst mengen) et net néideg (ze) hunn ëmzedenken. Mee, d'Schof war einfach verluer gaangen an d'Sëlwormänz och, an si hu 'gewart' erëmfonnt ze ginn (wéi kéint eng Sëlwormänz dann och soss eppes maachen ? Wéi kéinten si och ëmdenken ?). Oder ass dat éiren eng (verstoppte) Pointe, nämlech datt d'Schof/d'Mänz sech 'fanne loossen', am Géigeaz zu de vermeintleche Gerechten, déi sech dergéint wieren – well si sécher si scho fonnt ginn ze sinn, resp. scho fonnt ze hunn ? (– Et ass komesch, wéi een de Sënn vun dese Gläichnesser spontan versteet, wéi bekannt se sinn an datt een eréischt, wann een se méi genee liest, mierkt, datt d'Bild eigentlech net ganz klappt.)

(Fränz Biver-Pettinger)